
# LES SACRIFIES

Bulletin mensuel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force




N° 10 / 1976

15e année

Prix: 10.- frs. lux.
Abonnement: 80.- frs

## Monument aux Morts Wiltz

Fédération :
9, rue du Fort Elisabeth
Luxembourg

Aktioun

## «Pétition»

Op der aussergewéinlecher Generalversammlung, den 25. September 1976 zu Walfer, gouw vun den Delegéierten aus de Landessektiounen beschloss, dat den

### 31. Oktober 1976

d'Aktioun „Pétition" oofgeschloss get. Et besteeht keen Zweifel méi: Des Aktioun ass een aussergewéinlechen Erfolleg gin.

E besonnesche Merci geeht un all déi Leit, Komerodinnen a Komeroden, déi an der Tëschenzäit hir Lëschten ausgefóllt an un d'Fédératioun geschéckt hun.

Nodeem eng Reih vun Kontrollen duurchgefouërt gi sin, huët et sech erausgestallt, dat nach zimlech vill Lëschten ausstin. Zu deenen mëttlerweil 33.000 viirleienden Ennerschrëften missten, logescherweis, der nach munnech derbäi kommen.

**Bei deene gesammelten Ennerschrëften därf kengem Enrôlé seng an déi vun senger Famill feehlen!**


Mir riichten heimat e leschten Appell un déi Komerodinnen a Komeroden, déi ons hir Pétitiounslëschten bis elo nach net erageschéckt hun, - v'läicht well sie se net voll signéiert hun, - daat onbedengt bis zum **31. Oktober 1976** ze maachen. Schéckt se och dann eran, wann nëmmen een Numm dropsteeht. Mir sin iwwerzeegt, dat dir deenen 33.000 aneren net an de Rëck faale wëllt.

Mir stellen iéch nach eng Kéier eng Pétitiounslëscht mat desem Bülletin zur Verfügung. Sicht also net laang! Bedengt iéch, andeem der déi lescht Deckelsäit vun desem Bülletin eroofrappt.

Schéckt er Pétitiounslëschten an enger Enveloppe, **frankéiert** mat engem **Timber vun 6 Frang** un folgend Adress:

Fédération des V. N. E. F.
LUXEMBOURG
Boîte postale 2415

De Fédératiounskomitee.




**Tirage 8 000**

**Aus dem Inhalt**

Aux pauvres compagnons sacrifiés de notre jeunesse hantée
Journée commémorative nationale du Nazisme, Enrôlées de Force
Pexonne
Neijohrsgratulatiounen
Treffen vun der Amicale d'Jongen vun Peenemünde
Amicale des Enrôlés de Force Mamer — Holzem — Cap
Junglinster

**Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force, Association sans but lucratif.** Siège: Luxembourg, 9, rue du Fort-Elisabeth. — Boîte postale **2415 Luxembourg - Gare.** **CCP 313-29**
Rédaction du bulletin mensuel «Les Sacrifiés», Luxembourg, 9, rue du Fort-Elisabeth, Boîte postale **2415 — Luxembourg - Gare**
**Service social aux Enrôlés de Force,** 9, rue du Fort-Elisabeth Luxembourg - Gare. **Tél.: 48 32 32.**
**Fonds d'Action** CCP 210-49
La Fédération représente: **l'Association des Parents des Déportés Militaires Luxembourgeois,** c/o. M. Paul Simonis, Luxembourg, 7, rue Adolphe ● **la Ligue Luxembourgeoise des Mutilés et Invalides de Guerre 1940-1945.** Résidence Jean-Charles - 5, rue du Cimetière Luxembourg-Bonnevoie - Tél.: 48 97 76 - ccp 286 33 ● **l'Amicale des Anciens de Tambow,** Secrétariat: Kleinbettingen, 12, rue de la Gare, C.C.P. 240-07 ● **l'Association des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme,** Secrétariat: Luxembourg, 9, rue du Fort-Elisabeth, Boîte postale 2415 — Luxembourg - Gare, C. C. P. 313-24 Imprimerie Hermann, Luxembourg.

## *Jour des Trépassés*

### Aux pauvres compagnons sacrifiés de notre jeunesse hantée.

Oh souviens-toi, enfant qui passes,
et vous, enfants de ceux partis naguère
malgré eux et sous une odieuse bannière
souvenez-vous de ces enfants
morts quand ils eurent votre âge — —

et vous, les grands — —
gardez la gloire pour vos héros,
mais de grâce, n'oubliez ces enfants
partis à l'aube pour ne plus revenir — —
et morts seuls — en quelque terre d'Orient
comme ne devraient jamais mourir des enfants — — —

les yeux brisés remplis de larmes — —
et sur les lèvres un dernier «maman».

F. K.

# Journée commémorative nationale des Victimes du Nazisme, Enrôlées de Force

Der nationale Gedenktag der Zwangsrekrutierten vom vergangenen 19. September war, wie bereits so oft vorher, zu einem eindrucksvollen Bekenntnis der Verbundenheit mit den im Krieg gefallenen und nachträglich frühzeitig verstorbenen Kameraden und Kameradinnen geworden.

Erstmals war in diesem Jahr der Sammelpunkt am Hollericher Bahnhof. Für uns Zwangsrekrutierte ist dies eine historische Stelle. Von hier aus trat die Mehrzahl unserer Leidensgefährten den bitteren Weg in die Verbannung an. Aber auch viele, viel zu viele aufrechte Luxemburger, mit ihren Familienangehörigen, wurden in Hollerich auf die Schiene verfrachtet und in die Umsiedlungsgebiete, weit im fernen Osten, gebracht. Am 5. Oktober vergangenen Jahres wurde auf Bahnhof Hollerich das Nationaldenkmal der zivilen und militärischen Deportation feierlich eingeweiht.

Um drei Uhr des Nachmittags vom 19. September hatte sich eine ansehnliche Teilnehmerzahl auf dem Vorplatz des Bahnhofs eingefunden. Außer den zahlreichen Mitgliedern der der Föderation angegliederten Vereinigungen, bemerkten wir Großrabbiner Dr. Emanuel Bulz, sowie die Mitglieder der «PoW, Camp de Compiègne», Vertreter der LPPD und der Entente der Hollericher Vereine. Die musikalische Umrahmung der Feier hatte die «Fanfare de Neudorf-Weimershof» unter der Direktion von Marcel Wagner, übernommen. Auch war dieses Jahr der Wettergott den Zwangsrekrutierten holder als in den Vorjahren. Strahlende Sonne machte jenen Sonntag Nachmittag zu einem angenehmen Spätsommertag. Nachfolgend die

**Ansprache des Nationalpräsidenten Jos. Weirich**

«Léiw Elteren!
Léiw Frënn vun den Enrôlés!
Léiw Komerodinnen a Komeroden!
Dir Dammen an Dir Hären!

Am Numm vu menge Komeroden aus den Zentralkomitéen héschen ech iech all hèrzlech wëllkomm op eiser Journée Commémorative Nationale. Er grouss Zuel, esou wéi dir haut hei present sit, ass de Bewäis, dass dir déi Komeroden, déi hirt Liëwen duurch d'Zwangsrekrutéierung fir d'Hémecht gin hun, net vergiëss hut an hirt Undenken an E'eren halt.

Duurch èr Présenz weist dir déne Verantwortlechen a Staat a Politik, dass dir hanner de Fuërderungen vun eiser Fédératioun an dem Zentralkomitée stitt. Am Numm vun de Komeroden aus den Komitéen, an a mengem égenen Numm soën ech iéch durfir Merci. E besonnesche Merci awer och am Numm vun déne méi wéi 5000 gudde Letzeburger, déi mir haut éieren, wel dir èr Zäit affert fir hinnen ze gedenken.

Ech soën awer och Merci all onse Frënn a Bekannten, déi sech hei afond hun, fir hir Sympathien zu eis no baussen ze beweisen. E Merci onser Press, Radio an Televisioun, wéi och all dénen Instanzen, déi ons hëllefen des Feier schéin a wierdeg ze organiséieren. Och e spezielle Merci der Musek Neiduerf-Weimeschhaff, déi eis hèrno op de Kanounenhiwel beglét, wéi ébenfalls der Polizei, fir hirt Beméihen, onse Cortège duurch de Verkéier ze brëngen.

Haut hu mir äis op enger historescher Plaatz afond. An zwar do, wou de Calvaire fir vill Zwangsrekrutéiert ugong, ma awer och fir Dausenden déportéiert Letzeburger de Wé an d'Emsiedlung ugefaangen huët. Eis Komeroden aus dem Sektiounskomitée vun der Haaptstaadt si ganz besonnesch ze féliciteieren fir hir Initiativ. Oni si steng des herrlecht Monument net op der Hollerecher Gare, géiw et kén esou en Undenken un déi schrècklech Zäiten vum lèschte Krich. Eppes Wésentleches wir der Nowelt verluer gaangen. Ech riichten dann awer nach e lèschte Merci vum Fédérationskomité un all déi Leit, déi onser Sektioun Letzebuurg gehollef hun an si bei der Réalisatioun vun desem schéine Monument esou tatkräfteg ënnerstëtzt hun.

Ech hu gesoot: Hei ass de Calvaire fir vill vun ons ugaang. Fir méi wéi 3000 war et den Ufank vum Enn. Si hun hir léiw Hémecht net méi eremgesin. Aner koumen mutiléiert a krank z'reck, a fir die méscht vun dénen, déi de Krich iwerstaanen hun, gouw d'Verkierzung vun hirem Liéwen vun deser Plaatz aus besigelt.

Schold un deser traureger Opzielung war an ass Däitschland, sin d'Preisen, déi onst fräid Land den 10. Mé 1940 iwerfall hun an duurch Zwangsrekrutéierung vun der démoleger Jugend, wéi och mat der Verschléfung vun gudde Letzeburger an Zwangsrekrutéierung an an d'Emsiedlung, onst Land nazifiéiere wollten. Et ass daat e schrècklecht Verbriëchen, waat nie méi erem guddzemaachen ass. Et ass just dest Verbriëchen, waat d'Nofolger vun Nazi-Däitschland haut sech weigeren als Krichsverbriëchen unzeerkennen. Et sin daat déi sougenannt Nokrichsdäitsch, déi elo als Partner mat Letzebuurg an an engem Europa zesumme sin, mais sech stoësch weigeren d'Konsequenzen ze zéihen vun all dém, waat an hirem Numm verbrach gin ass.

Net genuch mat dem Verbriëchen vun de Preisen un der Letzebuurger Jugend. Batter ass et, dass déiselwecht jonk Bierger och nach nodréiglech vun hirer égener Hémecht diskriminéiert gouw. Daat hätt nie passéieren därfen! D'Jongen an d'Médercher vun démols gouwen op d'Säit gedreckt, wéi no dem Krich de grousse Kuch zu Letzebuurg verdélt gin ass. Fir dat aner zwémol an d'Täsch stieche konnten, sin Zweiwel un der Haltung vun den Enrôlés de Force avancéiert gin. «Ons Jongen» aus dem Krich, fir déi esou munech Letzebuurger an den Doud gaange waren, sin op émol net méi esou vill wèrt gewiéscht wéi viirdrun. Ons démoleg Politiker hun en Gesetz iwer den Dommage de Guerre votéiert, daat e Schlaag an d'Gesiicht vun den Zwangsrekrutéierte war. E Schlaag, dé mir haut genau esou wéineg wéi démols acceptéieren. Ons Organisatiounen hun géint dest Gesetz protestéiert an Ennerungen verlaangt. No villem Streiden, an haardem Asaatz, krute mir leider nemmen deelweis Satisfaktioun. D'Diskriminatioun, fir eis daat Wésentlechst, bestéht weider.

Virun zwé Joer, bei der neier Regierungsbildung hate mir gemenkt, eis Chance géiwe besser gin. D'lèscht Joer, op der Journée, hun ech misse bestätegen, dass déiselwecht Regierung, mat 6 Ministeren aus eise Joergäng, sech geweigert hätt, eng Léisung vun eisem Problème ze sichen. An daat, trotz de formelle Verspriëchen vun der DP an der LSAP. Wuëlgemiérkt, daat war virun de Chamberwahlen. Bis haut huët sech näischt geännert. Au contraire! Eng proposition de loi vun Deputéierten, déi d'Léisung wär, gouw a get an der Regierung sabotéiert an am Staatsroot blockéiert.

Fir ons duurgéint ze wieren, an ons iwerhaapt géint esou eng verkappten Diktatur an onser Demokratie ze stellen, hu mir de Wé vun enger Petitiounsaktioun gewielt. Mat Ennerschrëften wëlle mir onse Volleksvertriéder weisen, dass Dausende vun Stëmmberechtegten net mat esou Praktiken averstaane sin. Des Ennerschreftensammlung ass elo schon en eklatanten Erfolleg. Iwert 31.000 Signatüren leien am Zentralcomité. (Bäifall).

E formidabelen Asaatz vun e sellegen Enrôlés de Force konnt scho gläich am Ufank festgestallt gin. Net nëmmen eng Lescht gouw ausgeföllt. Nén, 2, 3, esougur 7 Leschten konnten verschidde Komeroden eraschecken. A wann ech richteg enneriicht sin, leit de Rekord bei 12 ausgeföllte Lëschten.

Wann én esou eng Begéschterung an esou en Asaatz gesäit, dann dét et engem net Léd, fir di vill Stonnen, déi ons Komeroden aus dem Zentralkomité fir d'gemeinsam Cause geaffert hun. Leider hu mer der och an eise Reihen, déi sech der Saach futéieren. En Dél vun dénen hun résignéiert a wëllen net méi aushaalen. Dén aneren Dél vun dénen, déi «och derbäi» waren, sin ze bequem gin. Doraus entstéht natiirlech d'Gefoor, dat hirt Beispill Schoul mecht an de Courage vun dénen aneren zesummebrëcht. Daat daarf awer absolut net geschéihen! All déi Komeroden, déi nach trei zur Staang stin, mussen desto fester zesummenhaalen.

Zesummen mam Merci fir déi geléschten Arbecht, maachen ech en Appell un iéch: Kontaktéiert déi Komeroden, déi haut net hei sin an hir Pétitiounslëschten nach net erageschéckt hun. Sot hinnen, si sollen daat esou séier wéi méiglech maachen. Si wëllen dach ganz bestëmmt déne méi wéi 31.000, déi schon ënnerschriwen hun, net an de Rëck faalen.

Et ass virun allem eng Fro vun Prestige. Mais och vun Solidaritéit. Bei de gesammelten Ennerschrëften därf kengem Enrôlé seng an déi vun senger Famill féhlen.

Waat des Aktioun brengt, kann én mat Secherhét net viraussoën. De Fédératiounskomité huet viirgesin, dat se bis Enn Oktober vun desem Joer oofgeschloss si soll. Mir mussen dann de richtegen Ament wiëlen, fir déi sellege Lëschten an der Chamber oofzegin an do ze hannerléen. Bis dohin bleiwt démno nach Zäit déi lèscht Ennerschrëften anzesammelen.

D'Associatioun huet fir den 25. September 1976 eng aussergewéinlech Assemblée générale ageruff. Bei dèr Gelégenhét gin dann weider Schrëtt mat de Landesdelegéierte besprach.

Wéi ons Vollëksvertriéder sech dann an der Chamber zu deser Aktioun, mat hirem aussergewéinleche Resultat, stellen, dorob si mir gespaant, a mir werde gesin wéi se réagéieren. Da gellt et Farw ze bekennen. Wéi déi verschidden, jetzeg Regierungsleit sech verhaalen, a virun allem wéi se virun den nächste Wahlen hir Haltung, hire Verroot un den Enrôlés justifizéieren, daat géiwe mir gäre gesinn. Déi beschten, an elo schon praktizéiert Léisung ass déi, et zit é sech aus der Politik z'reck an et helt én e secheren, guddbezuelte Posten an enger europäescher Institutioun un (Bäifall!).

En attendant, hu mir aner eisen Doudegen an Handicapéierten géintiwer d'Verpflichtung, auszehaalen. D'Komitéen därfen hirt Waachen a Schaffen net astellen! Géinge mer daat maachen, da géinge mer äis selwer opgin!

Mir hun elo just e Buch iwer déi schrecklech Zäit vun der Zwangsrekrutéierung erausbruëcht. Et dréit den Titel: «Die geopferte Generation», an et gouw redigéiert vun onsem Matarbechter am Bülletin «Les Sacrifiés», dem Komerod Francis STEFFEN. Dest Buch muss déi méiglechst gréisst Verdélung kréien. Et ass en Dokument iwer d'Zwangsrekrutéierung mat allem Drëm an Drun. Mat dém Buch get verhënnert, dat déi Zäit an déi Leit, déi dra verwëckelt waren, net vergiéss gin. Zweck vun deser Publikatioun ass et awer och, dat näischt falsch an ongerecht interprätéiert get. Un ons all as et derfir ze suërgen, dass an all Famill esou e Buch kënnt. Un ons fédéréiert Assoziatiounen an ons Sektiounen riichten ech den Appell: Start Aktiounen fir de Verkaaf mat alle Mëttelen ze pusséieren!

Léiw Elteren!
Dir Dammen an Dir Hären!
Komerodinnen a Komeroden!
Léiw Frënn!

D'Zäiten vun de spektakulären Manifestatiounen sin fir äis eriwer. Heimadden well ech awer beileiwen net soën, mir géingen elo résignéieren oder mir géingen opgin. Mir können an diirfen daat net! Wéi dacks schon gesot, mir hun nun ében Verpflichtungen, vun dénen kén ons entbanne kann. Mir hun am Krich onse Mann gestallt, a mir gin och elo keng Feiglingen. Egal waat kënnt, mir halen duur, am Interessi vun

ons all, vun onsen Elteren, onse Witfraen, Kanner a krank Komeroden. Mir stin zu eisen Doudegen, a fannen ons Joer fir Joer zesummen fir öffentlech ze bekennen, dat mir eis onser Haltung an onsem Asaatz als Enrôlés de Force net déi Boun schummen. Mir sin kategoresch dergéint, dass Erennerungsfeieren am Zesummenhank mam lèschte Krich, a besonnesch waat äis Letzebuurger ugéht, einfach oofgeschaaft, resp. och nach nëmmen négligéiert solle gin. (Bäifall)

Wién huët iwerhapt Interessi un esou eppes? Et get nëmmen zwou Kategorien: Déi eng, déi net wëllen un déi Zäit an un hir Verbriëchen erënnert gin; an déi aner, déi drun interesséiert sin, dass d'Völker an d'Natiounen huërteg déi schrècklechst Périod, déi de lèschte Weltkrich war, vergiëssen, fir d'Leit nés eng Kéier, oni dat si grousse Widderstand léschten, an eng nei Katastroph ze dreiwen; an eng Aventür, déi fir e puur onverantwortlech Profiteuren gewennbrengend ass an hinnen d'Täschen föllt. Waat läit dénen drun, wann nach émol Millioune Meschen d'Liewe loossen an ongeheiere Misär entstéht!?

Mir hun um égene Leiw erfuur, waat et héscht ongewarnt, onerfuëren an nach vill wéineger viirberét an de Misär geworf ze gin; fir eng Utopie an d'Angscht an an den Doud gedriwen ze gin. Onse Kanner a Kannskanner soll daat selwecht net geschéihen. Durfir, a virun soss näischt warne mir Enrôlés ëmmer an ëmmer erem. Durfir sti mir hei, an durfir erënnere mir äis an aller Oeffentleckkét. A wann eis Reihen och vu Woch zu Woch méi klèng gin, nach ass dé lèschten Enrôlé net gestuerwen! Noch ass mat den Enrôlés an hire Frënn ze rechnen!

Vive d'Journée vun den Enrôlés de Force!»

Nachdem der starke Beifall, mit dem die Ansprache des Nationalpräsidenten quittiert worden war, verklungen war, legte der Präsident der hauptstädtischen Sektion René Fnascht, zusammen mit deren Vizepräsident André Frisch und Kassierer Roger Zander, ein prächtiges Blumengebinde am Fuße des Nationalen Denkmals der zivilen und militärischen Deportation nieder. Ueberdem spielte Romain Fixmer die «Sonnerie aux Morts». Für die Entente der Hollericher Vereine legten die Herren Paul Kellen, Paul Delagardelle und Henri Grasser ebenfalls Blumen vor demselben Denkmal nieder.

Anschließend bildete sich sofort der Festzug vorauf die Fahnen der teilnehmenden Gesellschaften, sowie jene der der Fédération des VNEF angeschlossenen Assoziationen und Sektionen. Die Polizei leitete den Cortège durch das Bahnhofsviertel. An der Spitze des Zuges die «Fanfare de Neudorf-Weimershof», welche mit flotten Marschklängen für eine besondere Note sorgte.

**«Um Kanounenhiwel»**

Die Teilnehmerzahl der Gedenkfeier auf dem Kanonenhügel war beinah doppelt so groß, als die des Festzuges. Daraus läßt sich schließen, daß etwa die Hälfte der Zwangsrekrutierten, und wohl ganz sicherlich sämtliche alten Eltern und Verwandten unserer toten Kameraden nicht mehr imstande sind, in einem Festzug mitzumarschieren. Nachdem die Fahnen beiderseits des Zugangs zum Monument Aufstellung genommen hatten, vergebens nach einem elektrischen Anschluß für unsere Sprechanlage und einem Zugang zum Gashahn für die «Ewige Flamme», die nun mal nicht ewig brennt!, gesucht worden war, gedachte in Vertretung des Hw. H. Bischofs, Pfarrer Henri Treff, selbst ein ehemaliger Zwangsrekrutierter, in nachfolgendem Gebet den toten Kameraden :

«Je crois Seigneur. Seigneur, écoute mon appel. Que ton oreille se fasse attentive au cri de ma prière. Tu retiens les fautes, Seigneur. Seigneur, qui donc subsistera? Mais près de toi se trouve le pardon. Je crains et j'espère. Mon âme adore le Seigneur. Je suis sûr de sa parole. Mon âme attend plus sûrement le Seigneur qu'un veilleur n'attend l'aurore. Puisqu'auprès du Seigneur est la grâce, l'abondance du rinçage, c'est lui qui rachètera Israël de toutes ses fautes. Prions le Seigneur. Tu nous a montré, Seigneur, la force de ton amour quand ton Fils voulut soffir pour nous jusqu'à mourir sur une croix. Accorde à tes serviteurs et servantes qui ont communié à ta passion de partager aussi la victoire sur la mort. Lui qui règne pour des siècles et des siècles. Amen.»

Nach dem Gebet für die Seelenruhe unserer toten Kameraden, wurden Blumen niedergelegt von den Vertretern der «Association des EFVN», der «Amicale des Anciens de Tambow», von der «Association des Parents des Déportés Militaires Luxembourgeois», von der «Ligue Luxembourgeoise des Mutilés et Invalides de Guerre 1940 - 1945». Ueberdem spielte die «Fanfare de Neudorf-Weimershof» die «Sonnerie aux Morts». Anschließend und abschliessend erklang die «Hémecht», und sämtliche Teilnehmer an der, dieses Jahr wiederum sehr würdig verlaufenen Gedenkzeremonie gedachten der Toten im Stillen im Innern des «Monument National». Teilgenommen an der Feier, hatten auch Hofmarschall Guy de Muyser und H. Rodenbourg, aus dem Staatsministerium.

Damit haben wir Zwangsrekrutierte ein weiteres Mal das Versprechen eingelöst, das wir einst unseren sterbenden Kameraden gaben, als wir von Gott und der Welt verlassen schienen.

s. n.

**Treffen vun der Amicale d'Jongen vun Peenemünde.**

**E Samsdeg, den 30. Oktober 1976 treffen sich d'Zwangsrekrutéiert Jongen, déi den 7. Oktober 1942 no Peenemünde, Insel Usedom an Deitschland agezun goufen, zu lechternach am Hôtel Regine bei der Gare vun dem C.F.L. um 10 Auer. Déijénesch Komerôden, déi wëllen drun délhuëlen an keng schreftlech Mattdélong kritt hun, können sech um Telephon No 50 79 86 renséignéieren.**





# Neijohrsgratulatiounen

**Encouragéiert duurch dé schéinen Succès vun déne lèschte Johren, hu mir beschloss och dest Johr èr Gratulatiounsléschten am «Les Sacrifiés» ze publizéieren.**

**Et ass daat de Beweis vum Komeroodschaftsgéscht ënner den «Enrôlés» engersäits an hiere Frënn anersäits, eng Komeroodschaft op dèr ons Stärkt baséiert.**

**Et ass awer och eng gudd Geléenhét fir ons Solidaritéit no baussen ze démonstréieren. Dir erspuert lech Méi an Zäit, wann der lech op eng vun déne Lëschte setze loosst, déi déne lokalen Komitésmembren zur Verfügung gestallt gouwen. Da sitt Dir secher net vergiéss ze gin.**

**Et gét natirlech och, wann Dir 50 Frang op de Postscheck No 313 29 vun der Fédération des Victimes du Nazisme, Enrôlées de Force, Luxembourg, iwerweist. Schreiwt Ere Numm an Andress däitlech, w.i.g.**

**D'Redaktioun**

# Pexonne

Remise de la Médaille de la Reconnaissance Nationale à Monsieur Emile MARCHAL, maire de Pexonne (canton de Badonviller, Meurthe-et-Moselle).

C'était le 19 juin 1976 qu'une cérémonie eut lieu dans les salons de l'Hôtel des Terres-Rouges à Luxembourg. Au cours de celle-ci, des Médailles de la Reconnaissance Nationale furent remises à la Fédération des Victimes du Nazisme, Enrôlées de Force, voir à ses délégués, par le Ministre d'Etat, Monsieur Gaston Thorn, avec mandat de remettre les hautes distinctions de façon appropriée aux titulaires légaux.

Grâce aux bons services de Monsieur Kremer, Président de l'ARDE, il nous a été possible de remettre la distinction honorifique à Monsieur Emile Marchal, maire de Pexonne, le jour même de l'anniversaire de la déportation massive des hommes de Pexonne (27 août 1944).

Monsieur Marchal trouva excellente notre initiative de profiter de la cérémonie anniversaire du dimanche 29 août 1976 pour cette remise de décoration.

La délégation de notre section se composait comme suit: G. Flammang (secrétaire) avec épouse, J. P. Determ (porte-drapeau) avec épouse et fille, Jos. Hittersdorf avec épouse.

Comme les années précédentes, une délégation de la Ligue Luxembourgeoise des Réfugiés et Evadés Politiques de 1940 à 1945 a participé à cette journée du souvenir.

Les différents délégués ont avec plaisir participé à une petite collation offerte par Monsieur le Maire de Pexonne avant le début de la cérémonie.

Citons l'EST REPUBLICAIN de Lunéville du 30 août 1976 :

«Le maire de Pexonne, honoré dans le cadre de l'anniversaire de la déportation.

Au pied du calvaire, sur la place tristement célèbre du 27 Août 1944, là où les hommes et jeunes gens de la localité furent embarqués par la Gestapo et dirigés sur les camps de concentration nazis, la population de Pexonne en son entier, s'est recueillie hier, témoignant ainsi que le sacrifice des **soixante-cinq camarades qui périrent** à Melk, Ebensee ou Mauthausen, ne serait jamais oublié.

En ce 32e anniversaire douloureux, à l'issue de la messe, durant laquelle l'abbé Lazorowicz avait convié les fidèles à combattre pour la paix, c'est avec une émotion difficilement contenue, qu'une fois encore, elle écouta M. Maurice George, l'un des trois rescapés, procéder à l'appel des morts.

Cinq gerbes devaient être ensuite déposées au pied du monument par M. Martin, conseiller général du canton de Badonviller, Emile Marchal, maire de Pexonne, Nicolas Kremer et Madame, président de la Ligue des Evadés de Luxembourg, Madame et Mons. Signori de l'Association des Déportés, donc le dernier père, ô combien malheureux, de quatre fils décédés durant cette déportation sauvage, G. Flammang et J. Hittesdorf, section des Enrôlés de Force de Sanem Luxbg. Une minute de silence devait clore cette cérémonie du souvenir!

Derrière les onze drapeaux des sociétés patriotiques (dont deux du Grand-Duché), aux accents de l'impeccable clique des sapeurs-pompiers de Badonviller, les autorités au premier rang desquelles on remarquait le capitaine de la gendarmerie Devaud, MM. Sitt, Robert Perin, René Chanal, se rendaient ensuite à la Maison des Jeunes pour une seconde cérémonie, réjouissante, celle-là.

Il s'agissait, pour la délégation du Luxembourg, de témoigner officiellement la reconnaissance au maire de Pexonne, M. Emile Marchal.

# Amicale des Anciens de Tambow

**Invitatioun**

Assemblée Générale zu Letzeburg-Dummeldeng den **6. November 1976.**

10.30 Auer: Gedenkmass fir ons verstuerwe Komeroden an der Herz-Jesu-Kirch, Letzeburg-Gare. No der Mass Nidderléen vun enger Gerbe beim Monument National.

13.00 Auer: Mettegiessen am Hôtel Becker-Miny - 5, rue de la Station - Dommeldange

15.00 - 17.00 Auer: Generalversammlung am Hôtel Becker-Miny, Dommeldange

1. Usproch vum President
2. Tätegkétsbericht
3. Caisseberich
4. Rapport vun den Kassenrevisoren
5. Verschiddenes.

Preis vum Menu 350.— frs (Service an TVA abegraff).

**N.B. :** Well d'Zuel vun de Plaatzen fir de Banquet op 200 beschränkt ass, sin déi 350.— frs. bis spéidestens den 30. 10. 76 anzeschecken op den C.C.P. 24007. Och eis Dammen sin wëllkomm. D'Quittung ass beim Banquet virzeweisen.

M. Marchal, durant les années d'occupation, était chef de brigade à la gendarmerie d'Hussigny-Godbrange, poste frontalier.

Dès 1940, il fit partie d'une filière destinée à favoriser les évasions des Luxembourgeois inquiétés par les nazis.

Sous son képi, des lettres, des messages de la Résistance de grande importance, furent acheminés. M. Marchal risquait sa vie. Grâce à lui, des jeunes gens du Grand-Duché purent rejoindre des maquis français, passer en Espagne ou rejoindre l'Angleterre.

Tout cela, le citoyen d'honneur de Pexonne, M. Kremer le rappela avec délicatesse.

C'est avec énormément de chaleur encore que M. Georges Flammang, secrétaire des «Enrôlés de Force luxembourgeois» tint à rappeler les éminents services que M. Marchal avait rendus à son petit pays.

Ci-après le texte du discours de G. Flammang :

«Monsieur le Conseiller Général,
Monsieur le Maire de Pexonne,
Monsieur le Capitaine,
Monsieur le Curé,
Mesdames, Messieurs,

Permettez-moi de vous remercier au nom de nos Dames et camarades, d'avoir pu assister aux émouvantes cérémonies, en mémoire de la Déportation massive des hommes de Pexonne, du 27 août 1944.

Nous avons choisi cette mémorable date, pour honorer aujourd'hui le premier citoyen de Pexonne, Monsieur le Maire, Emile Marchal, ancien chef de brigade de la Gendarmerie de Hussigny, avec la «Médaille de la Reconnaissance Nationale Luxembourgeoise», pour son dévouement personnel envers la «Jeunesse Sacrifiée», les «Enrôlés de Force — Victimes du Nazisme luxembourgeois», hommes et femmes des années de guerre 1942 à 1945!

Notre Président National, Monsieur Joseph Weirich, m'a chargé de vous transmettre tout l'hommage et les salutations respectueuses de notre Comité Fédéral.

Suite à nos revendications, satisfaction nous fut donnée lorsque, par loi du 24 juin 1968 la Médaille de la Reconnaissance Nationale fut créée. Moyennant cette haute distinction, Monseigneur le Grand-Duc JEAN et le Gouvernement luxembourgeois, ainsi que les Enrôlés de Force du Grand-Duché de Luxembourg honorent et remercient tous ceux qui mirent leur vie en péril pour sauver celles d'hommes et de femmes traqués et poursuivis par la Gestapo hitlérienne.

Le 30 août 1942, le Gauleiter décréta l'incorporation obligatoire de 12.000 jeunes Luxembourgeois dans la Wehrmacht (l'armée allemande).

La réponse à cet acte illégal fut la grève de toute la population luxembourgeoise. Les représailles des Allemands n'allaient pas tarder. Il y eut des arrestations en masse, des exécutions et des déportations de familles entières.

Et le drame continua.

Le 18 octobre 1942, les premiers convois de jeunes gens nés entre 1920 et 1923 quittèrent le Grand-Duché. Les malheureuses victimes furent acheminées vers le front allemand en Russie.

Suite à cette violation de notre neutralité et suite aux decrets illégaux de l'oppresseur, les désertions et actes de résistance augmentaient rapidement qui engendraient la collère des Allemands et qui y répondaient par d'autres représailles: des exécutions capitales et des déportations aux camps de concentration.

Beaucoup de nos camarades tentaient leur chance. Pendant leur congé, bon nombre s'enfuiaient, et, grâce à l'aide de milliers d'amis français, belges et luxembourgeois, réussirent à rejoindre un des Maquis.

Hélas! Beaucoup furent repris par les Allemands. Pour des milliers d'autres, c'était la mort dans un uniforme haï; pour une cause qui n'était pas la leur.

En 1943, l'enrôlement de force continua. Ce fut alors le tour des ressortissants des années de 1924, 1925, 1926 et 1927. Malheureusement, la désertion devenait de plus en plus difficile, dangereuse et hasardeuse, vu le zèle de la Gestapo et ses suppôts.

Nous sommes particulièrement fiers d'avoir aujourd'hui parmi nous Monsieur Joseph Hittesdorf, membre de notre section des Enrôlés de Force. Mons. Marchal, profitant de ses relations, expédia notre camarade dans un tonneau d'essence vide, par une filière secrète de la gendarmerie française, au-delà de la ligne de démarcation de la Saône. Arrivé sain et sauf à Grenoble, Hittesdorf adhéra au Maquis de la Chartreuse, sous le nom de Joseph Hendorin. Une prime de 100.000 RM était promise à toute personne qui fournirait des renseignements permettant de capturer le fugitif.

Dans la nuit du 28 au 29 juin 1942, il avait fait sauter des trains sur la ligne de chemin de fer Luxembourg-Trèves.

Dieu seul sait à combien de réfractaires et soi-disant «déserteurs» luxembourgeois, de prisonniers de guerre français et alliés fut assuré le passage au-delà des frontières, combien furent secourus et ébergés par vous, Monsieur Marchal, et vos amis français et luxembourgeois, pour être recueillis finalement dans les divers centres d'accueil en France.

Monsieur Emile Marchal,

Monsieur le Ministre d'Etat luxembourgeois, m'a chargé de vous remettre la «Médaille de la Reconnaissance Nationale Luxembourgeois» au nom de Monseigneur le Grand-Duc Jean de Luxembourg; pour avoir risqué votre vie en sauvant celle de personnes, traquées par l'envahisseur allemand.

Je prie votre ancien protégé de vous remettre la «Médaille».

Nous sommes persuadés, que vous acceptez le caractère de ce geste de solidarité et nous





vous prions de recevoir tout notre hommage et nos respects!

VIVE LA FRANCE
et le GRAND-DUCHE DE LUXEMBOURG».

L'assistance applaudit à tout rompre.

M. Hittesdorf, l'un des résistants sauvés par M. Marchal, remit au maire de Pexonne, la «Médaille de la Reconnaissance Nationale Luxembourgeoise», au Nom du Grand-Duc JEAN.

Monsieur Marchal, âgé de 78 ans, cita son discours avec une grande émotion:

«Monsieur Flammang, secrétaire de l'Amicale des Enrôlés de Force — victimes du nazisme, section de Sanem.

Je vous remercie de l'honneur qui m'est fait aujourd'hui par cette haute distinction.

Je remercie bien sincèrement Son Altesse Royale le Grand-Duc JEAN et sa Majesté Madame La Grande Duchesse du Luxembourg, qui ont bien voulu me décerner cette décoration.

Je remercie aussi Monsieur le Ministre d'Etat, Président du Gouvernement luxembourgeois qui a autorisé que cette Médaille de la Reconnaissance Nationale Luxembourgeoise, me soit remise dans notre petit village martyr.

Je remercie la section des Enrôlés de Force de Belvaux, l'Amicale des résistants de Differdange et des Environs, qui ont aidé et participé à cette belle cérémonie.

Cette magnifique décoration, pour laquelle j'en suis fière, sera pour moi le souvenir des journées tragiques de mai 1940.

Plus particulièrement le 10 Mai, où l'ennemi a franchi la Sûre et la Moselle pour envahir le Grand-Duché.


Exerçant notre activité à la frontière franco-luxembourgeoise, nous avons aidé, guidé les habitants du Grand-Duché qui venaient se réfugier en France. Nous les avons dirigés sur des Centres d'accueil organisés au-delà de la ligne Maginot.

Pendant toute l'occupation, j'ai adhéré à la L.P.L., Ligue Patriotique Luxembourgeoise, pour aider les réfractaires et les prisonniers de guerre évadés à franchir la frontière.

C'est ainsi que les Luxembourgeois sont devenus mes amis.

Je lève mon verre à la santé de tous. Vive Differdange — Vive Belvaux — Vive Pexonne.»

Entre Pexonne et Luxembourg, la page d'amitié, déjà si riche, s'allongeait hier encore d'avantage.» Gfl.




Am vergangenen 14. September wurde das Buch «Die geopferte Generation» der Öffentlichkeit vorgestellt. Links auf unserem Archivbild der Autor, Francis Steffen und rechts Nationalpräsident Jos. Weirich. Wie damals angekündigt, lief der Subskriptionstermin am 30. September ab. Nach diesem Datum ist das Buch erhältlich, sei es daß man **450 Franken** auf das **Postscheckkonto Nr. 313 29** der «Fédération V.N.E.F.», Luxembourg, versiert oder es in den Zeitungskiosken der Messageries Paul Kraus kauft. Es kann aber auch, immer zum selben Preise, durch die Vorstände der Sektionen bezogen werden. Photo : Jean Weyrich

**AMICALE DES ENROLES DE FORCE**
**MAMER — HOLZEM — CAP**

**A** micale des
**P** hotographes
**A** mateurs de la
**C** ommune de
**M** amer

**6. Salon local d'art photographique du 22. au 25. octobre à Mamer dans la nouvelle école**

**organisé par l'APACM avec la collaboration de la section des ENROLES DE FORCE de Mamer**

**L'Exposition comprendra les parties suivantes :**

1. **Exposition de photos artistiques de nos membres.**
2. **Exposition de photos avec le sujet : «Ons Kanner».**
3. **Documents, photos et autres objets de l'Amicale des Enrôlés de Force Mamer — Holzem — Cap.**
4. **Projection permanente de dias des membres de l'APACM.**

**Les heures d'ouverture du salon sont les suivantes :**

**Vendredi,** **le 22 octobre 1976 Vernissage**
**Samedi,** **le 23 octobre 1976 de 15 à 20 heures**
**Dimanche,** **le 24 octobre 1976 de 10 à 12 et de 14 à 20 heures**
**Lundi,** **le 25 octobre 1976 de 14 à 19 heures.**


**MIWEL — MIWEL — MIWEL**

ausgestallt op 6 Etagen
**EMMER do FIR D'ENROLES**


**Galerie Benelux**
**ADY MAINTZ**

ESCH / UELZECHT




✝

Les membres de la section **Junglinster** et Environs ont le triste devoir de faire part du décès de leurs camarades d'infortune



**Louis FRIEDRICH**
de Hostert / Niederanven,
décédé le 18 mars 1976 à l'âge de 50 ans.



**René KLOMP**
de Graulinster

ancien détenu du camp de Tambow,
décédé le 23 juillet 1976 à l'âge de 53 ans.

Nous présentons aux familles éplorées nos très sincères condoléances et nous garderons des chers défunts un souvenir ému et inaltérable.



| No | Numm | Viirnumm | Wunuërt | Ënnerschréft |
|---|---|---|---|---|
| 1 | | | | |
| 2 | | | | |
| 3 | | | | |
| 4 | | | | |
| 5 | | | | |
| 6 | | | | |
| 7 | | | | |
| 8 | | | | |
| 9 | | | | |
| 10 | | | | |
| 11 | | | | |
| 12 | | | | |
| 13 | | | | |
| 14 | | | | |
| 15 | | | | |
| 16 | | | | |
| 17 | | | | |
| 18 | | | | |
| 19 | | | | |
| 20 | | | | |
| 21 | | | | |
| 22 | | | | |
| 23 | | | | |
| 24 | | | | |
| 25 | | | | |
| 26 | | | | |
| 27 | | | | |
| 28 | | | | |
| 29 | | | | |
| 30 | | | | |

## Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force, a. s. b. l., Luxembourg

### PETITION

**(Constitution Art. 27)**

D'Gläichstellong vun allen Naziaffer fuërderen d'Zwangsrekrutéiert vu Letzebuurg elo schon zënter 30 Joër.

Am Krichschuëdegesetz vum 25. Februar 1950 gouwen d'Zwangsrekrutéiert doduurch diskriminéiert, dat en ongerechten Ennerschéd têschend dénen verschiddenen Naziaffer gemaach gin ass.

Fir desen, eisem Land absolut onwiirdegen Zoustand ze änneren an fir eng grouss Ongerechtegkét é fir allemol auszeraumen, gouw den 13. März 1974 e Gesetzesviirschlaag an der Chamber déponéiert. Op d'Ufro, waat de Staatsroot gedenkt mat dèr Propositioun ze maachen, huet desen der «Fédération des VNEF» geäntwert: «Den Här President vun der Regierung huet eis matgedélt, dass de Regierungsroot zur Konklusioun kom ass, et bestéing kèng Uursaach eng Ännerung vun deser Gesetzgebung, — d. h., vun dem Gesetz iwer de Krichsschuëd viirzehuëlen. Doduurch ass et dem Staatsroot net méiglech säin Avis derzou ofzegin.» Domat huët d'Regierung eis Chamber mënnerjähreg gemaach! Mat dèr Méthod ass géint de Grondprinzip vun eiser parlamentarescher Démokratie verstouss gin!

Ech Ennerzéchenten verlaangen, dass d'Exécutive (Regierung) d'Législative (Chamber vun den Députéierten) respektéiert. D'Regierung ass do fir daat auszeféieren, waat d'Chamber hir viirschreiwt.

Ech protestéieren géint d'Eroofsetzen vun der Chamber an dem Staatsroot.

Ech fuërderen d'Oprechterhaalen vun den démokrateschen Prinzipien an den konstitutionellen Institutiounen.

Ech verlaangen och, dat dé Gesetzesviirschlaag huërteg nés an d'Chamber kënnt, nodém de Staatsroot an aller Objektivitéit säin Avis derzou gin huet.

Ech sin iwerzégt, dat den nationale Problème vun der Zwangsrekrutéierung nëmmen mat dem Gesetzesviirschlaag vum 13. März geléist ka gin. Well

1. domat bescheinegen d'Letzebuurger dénen vun de Joergäng 1920 bis 1927, dat si am Krich hir Pflicht vis-à-vis vum Land an dem Vollëk voll a ganz erfüllt hun,
2. et dann kén zwédeitegen Text méi get, aus dém sech Zweifel un hirer patriotescher Haltung am Krich erausliése loossen,
3. domat kèngem aneren Naziaffer en Ongläich geschitt.

Dé Gesetzesviirschlaag schaaft keng nei Belaaschtung vun de Staatsfinanzen, besonnesch wichteg an Krisenzäiten. Et stéht der Regierung fräi, d'Zwangsrekrutéiert ze entschiédegen, wann et hir méiglech ass.

Ech verlaangen, dat déi Propositioun Gesetz get. Domat krit d'Letzebuurger Regierung d'Méiglechkét fir vun de Preisen ze verlaangen, dat si endlich hir Scholden berappen. Eist Land brauch Geld. A Krisenzäiten méi wéi jé!

* * *

Depuis près de trente ans les Enrôlés de Force Luxembourgeois exigent l'égalité de droits en tant que victimes du nazisme.

La loi sur les Dommages de Guerre du 25 février1950 a discriminé manifestement les Enrôlés de Force en créant deux catégories de victimes du nazisme.

Afin d'éliminer cette injustice, une proposition de loi fut déposée le 13 mars 1974 à la Chambre des Députés. Sur la demande de la Fédération des VNEF quel sort il entendait réserver à ladite proposition de loi, le Conseil d'Etat, par son Président, répondit le 9 février 1976: «Monsieur le Président du Gouvernement vient de m'informer que le Conseil du Gouvernement est venu à la conclusion qu'il n'y a pas lieu de procéder à une modification de cette législation (loi sur les dommages de guerre). Dans ces conditions le Conseil d'Etat ne se voit pas en mesure de pouvoir émettre un avis dans cette affaire.»

Le Gouvernement vient ainsi de traiter notre Chambre des Députés comme quantité négligeable et de réduire à néant le droit d'initiative de la Chambre. Cette manière de procéder est contraire aux principes de la démocratie parlementaire.

En fait le Gouvernement en tant que pouvoir exécutif dicte sa volonté au pouvoir législatif. La Chambre est donc privée, dans ce cas précis, de sa mission primaire qui est d'exprimer sous forme de lois les volontés de la collectivité.

La proposition de loi du 13 mars 1974 a pour but de mettre fin, une fois pour toutes, aux discriminations contenues dans la loi du 25 février 1950. Effectivement, la loi sur les dommages de guerre exclut les Enrôlés de Force des avantages concédés à ceux énumérés à l'article 36 qui sont devenus les victimes de leur attitude patriotique. Il est amplement prouvé qu'à part quelques traîtres dont il n'est pas question ici, les jeunes Luxembourgeois touchés par les décrets gauleitériens se sont comportés en bons patriotes. Ils ne méritent point, en ce qui concerne leur attitude loyale envers leur pays, qu'une loi luxembourgeoise prête à de fausses conclusions.

Cette modification de notre législation ne porte aucun préjudice aux autres catégories de victimes du nazisme.

L'allocation rétroactive de l'indemnisation des Enrôlés de Force, victimes du nazisme, prévue aux articles 39 à 42 inclusivement de la loi sur les dommages de guerre, engendre une dette pour l'Etat luxembourgeois. Néanmoins, celui-ci n'est pas obligé de s'en acquitter en temps de crise. L'article 5 de ladite loi précise: «Les dommages de guerre seront indemnisés dans les limites des crédits mis à la disposition du Ministère des Dommages de Guerre. Ces liquidités seront utilisées suivants les principes édictés par un règlement d'administration publique à prendre sur avis obligatoire du Conseil d'Etat. . . . . »

Le vote de la proposition de loi déposée le 13 mars 1974 donnera au Gouvernement luxembourgeois la possibilité et une position renforcée pour réclamer aux Allemands le paiement de leur dette contractée par le crime de guerre de l'enrôlement de force dans la Wehrmacht et le RAD de jeunes Luxembourgeois. Ceci sera dans l'intérêt du pays et de ses contribuables.